



N°424  
Entrée le 05.03.2024  
Chambre des Députés  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Claude Wiseler  
Luxembourg, le 06.03.2024

Claude WISELER  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/03/2024

Här President,

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten & Famill, Solidaritéit an Integratioun weiderzeleeden.**

Zu Rodange gouf virun e puer Méint d'Residence Tokio fäerdeg gebaut (Parzellen N° 612/8289; 612/8290). Dës Residence ass insofern speziell, well se no engem Tauschgeschäft tëschent der Gemeng Péiteng an engem private Promoteur gebaut gouf: de Promoteur krut den Terrain, wou fréier een ëffentleche Parking war, zur Verfügung gestallt, fir gratis dorobber een Deel vun der neier Residence kënnen ze bauen. D'Gemeng huet am Géigenzuch dofir een ënnerierdesche Parking mat zwou Etagë krut, dee fir d'Ëffentlechkeet bestëmmt ass.

Wéi et fir ëffentlech Parkingen d'Reegel ass, sinn och op dësem Parking Parkplazen fir Leit mat kierperleche Beanträchtegungen virgesinn. Dës Plazen misste logescherweis mat engem Rollstull erreeschbar sinn. Et féiert awer keen ëffentleche Lift bei d'Parkplazen um Niveau -2 an och keen ëffentleche Wee bei ee Lift an d'Residenz, vu wou aus d'Leit eleng kéinten op de Rez-de-chaussée gelaangen. D'Rollstullfuerer:innen missten deemno eleng eng steil Pente eropzoulen an dat um nammlechte Wee, wou och d'Autoen fueren.

Am Accessibilitéitsgesetz vum 7te Januar 2022 gouf festgehalen, dass Gebaier an ëffentlech Infrastrukture musse fir Rollstullfuerer a Leit mat anere Beanträchtegungen zougänglech sinn.

D'Beispill uewendriwwer weist awer, dass dat op ville Plazen awer nach ëmmer net de Fall ass an d'Ufuerderunge vum Accessibilitéitsgesetz vun 2022 net respektéiert ginn. Ee weidert Beispill net wäit ewech vun dëser Plaz am selwechten Duerf: den neie Parking "Blobierg" an der Avenue Dr. Gaasch (Parzell n° 585/8071), wou et och onméiglech ass, eleng am Rollstull d'Pente eropzoulen a wou keen Trottoir virgesinn ass, dee breet genuch ass fir ee Rollstull.

An deem Zesummenhang wëlte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Sinn d'Pkingen zu Rodange konform zu den Accessibilitéitskrittären aus dem Gesetz?
2. Sinn d'Gemenge verpflichtet, fir hir Parkingen accessibel fir all Bierger:innen ze maachen?
3. Schafen d'Accessibilitéitsgesetz souwéi de groussherzogleche Reglement vum 8te Februar 2023 am Fall vun der Residence Tokio eng Servitude de passage fir déi Leit, déi sech op



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)

d'Behënnerteparkplazen dierfe stellen?

Aneschters gefrot: Dierfen d'Rollstullfuerer:innen de Lift vun der Residenz notzen, fir esou op de Rez-de-chaussée kënnen ze kommen?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc  
Deputéierten



POLIDORI Ben  
Deputéierten

